Jeff Kinney

DEM GREG SÄIN TAGEBUCH 2

Ass eppes?

E COMIC-ROMAN

Aus dem Engleschen op Lëtzebuergesch
iwwersat vum Georges Hausemer

CAPYBARABOOKS

SEPTEMBER

Méindeg

Ech mengen, meng Mamm ass zimlech houfreg op sech selwer, well si mech d'lescht Joer dozou kritt hat, Tagebuch ze féieren. Elo huet si mer nämlech direkt nach eent kaaft.

Awer erënnert dir iech, datt ech gesot hat, wann iergendeen Trëllert mech mat engem „Tagebuch" ënnert dem Aarm erwëscht, da passéiert eppes? Genee dat ass haut geschitt.



(MÄI BRUDDER RONNY)

Well mäi Brudder elo weess, datt ech weider u menge Memoire schreiwen, muss ech dofir suergen, datt hien dëst Tagebuch ni an de Grapp kritt. Virun e puer Wochen huet de Ronny nämlech mäin ÉISCHT Tagebuch fonnt, an dat war eng Katastroph. Mä DOVU schwätzen ech léiwer guer net.

Och ouni meng Problemer mam Ronny war meng Summervakanz zimlech donieft.

Eis Famill war néirens higefuer an hat och näischt Flottes ënnerholl, an dat war alles mengem Papp seng Schold. Hien hat mech forcéiert, erëm an de Schwammclub ze goen, an hie wollt, datt ech och nëmme kee Meeting géif verpassen.



Wéi et ausgesäit, wëllt mäi Papp e Schwammstar aus mir maachen, dofir muss ech am Summer ëmmer an de Schwammclub goen.

Op mengem éischte Meeting virun e puer Joer hat mäi Papp mir erklärt, datt ech an d'Waasser sprangen an droplass schwamme muss, wann de Schiedsrichter schéisst.

Leider hat hie VERGIESS mir ze soen, datt jüst nëmme PLATZPATROUNEN an der Pistoul waren.

Esou datt ech mir haaptsächlech Suerge gemaach hunn, wou d'Kugel géif hifléien, an net, wéi séier ech un den anere Bord vum Baseng kéint schwammen.



Och nodeems mäi Papp mir déi ganz Startschoss-Affär erklärt hat, war ech nach ëmmer dee mannste Schwëmmer an der Ekipp.

Nawell krut ech op der Präisverdeelung um Enn vun der Summervakanz d'Coupe fir de „Gréisste Fortschrëtt" iwwerreecht. An dat jüst nëmmen, well ech tëscht menger éischter a menger leschter Course zéng Minutte méi séier gi war.

Ech mengen, mäi Papp waart nach ëmmer drop, datt ech méi aus mengem Potenzial maachen.



Aus villen Ursaachen ass et am Schwammclub nach méi schlëmm wéi am Lycée.

Éischtens hu mir all Moies um HALWER AACHT missen am Baseng sinn. An d'Waasser war ëmmer ÄISKAL!

Zweetens gouf et nëmmen zwou Bunnen, sou datt ech déi ganz Zäit een hannert mir hat, dee mech wollt iwwerhuelen.



De Grond, firwat mir jüst nëmmen zwou Bunnen haten, war, datt déiselwecht Zäit de Waassergymnastik-Cours gehale gouf.

Ech hat esouguer probéiert, mäi Papp dovun z'iwwerzeegen, mech an de Waassergymnastik-Cours amplaz an de Schwammclub goen ze loossen, mä hien hat net mat sech schwätze gelooss.



Dëse Summer hu mir Jonge fir d'éischt Kéier däerfe Bermuda-Shorts undinn amplaz déi mickreg Schwammbéchselcher. Eis Mamm hat allerdéngs gemengt, dem Ronny seng al Schwammbox wär nach „komplett okay".



Nom Schwammen huet de Ronny mech ëmmer mam Bus vu senger Band ofgeholl. Eis Mamm hat déi verréckt Iddi, datt de Ronny an ech manner matenee géife streiden, wa mir all Dag um Heemwee „Zäit matenee verbrénge" géifen. Mä dat huet alles nach vill méi schlëmm gemaach.

De Ronny koum mech ëmmer eng hallef Stonn ze spéit sichen.

An ech hunn ni däerfe vir sëtzen, well hie gemengt huet, de Chlor géif seng Sëtzer ruinéieren. Dobäi ass d'Camionnette wéinstens fofzéng Joer al.



Dem Ronny säi Bus huet hanne guer keng Sëtzer, sou datt ech mech hu missen tëscht d'Instrumenter quëtschen. An all Kéier, wann d'Camionnette schaarf gebremst huet, konnt ech jüst nëmme bieden, datt ech net vum Ronny senger Batterie gekäppt géif.